



**Neue Serie (1/6)**

In unserer neuen Mini-Serie „Vun der Long op d'Zong“ werden in sechs Ausgaben eine Reihe der von Mil Goerens gesammelten Ausdrücke vorgestellt.

„Vun der Long op d'Zong“. Von Mil Goerens. 2022, Editions Schortgen, Band 1 und 2, 562 / 508 Seiten. ISBN: 978-2-919792-24-5 / 978-2-919792-25-2. Preis je 32 Euro.

**Achelen = friessen, onmanéierlech iessen**

Drafache wéi d'Sau an de Bräi = iessen, wéi wann ee scho puer Deeg näischt méi kritt hätt

**E Wittmann = eng Schmier, wou d'Kuuscht rofgeschnidden ass**

Nuselen = 1. ouni Zänn knaen, 2. ouni Appetit iessen

Baffen = mat guddem Appetit iessen

Backera maachen = kleng Mäifel iessen, aarmséileg liewen, der Däiwel mam Schwanz zéien

Kiermes an der Kierch a Requiem am Dëppen = déck feieren an näischt z'iessen hunn

En Hamebegänknes = en Haxeniessen

**Bombanz dreiwien = iwerméisseg vill a gutt iessen**

Ze Botz opiessen = alles bis op di lescht Grimmel iessen

Sech de Fleeschzant austräissen = kee Fleesch méi iessen, well et ze deier ass

Bëtz maachen = Uerze maachen, nit alles iessen

Engem d'Spënnche botzen = engem alles wechiessen

D'Kënnbake schaffen doen = richtig iessen

En Hamejang = en Tellerlecker, een, dee sech iwverall mat un den Dësch setzt

**Sech de Ränzelche lueden = sech puppsat iessen**

**D'Plättele feeën = alles iessen, wat opgedëscht gëtt**

Ech iessen de Freideg nit mat = ech wëll nit mat faaschten

Hien ass sou vill hongereg wéi eng Baach duuschtereg = hien ass puppsat

**Freideskascht = Faaschteniessen, lessen ouni Fleesch**

Bettcheskrank a schosselsgesond = liddereg an hongereg

